

## 9. Dépôt d'un projet de loi par M. Luc Frieden

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Här President, als Trésor- a Budgetsminister wollt ech den Dépôt vun engem Projet de loi zwëscheduerch maachen, een, dee fir d'Chamber net onwichtig ass.

Duerch Arrêté vum 10. Juli 2000 sinn ech autoriséiert ginn, folgende Projet ze déposéieren, deen Dir d'Plus-values-Gesetz nennt, wou mer déi éischte Kéier op de Wee ginn, fir d'Propositione vun deem Excédent vu Recetten duerch Gesetz hei an der Chamber diskutéieren an approuvéieren ze loossen:

- *projet de loi sur l'affectation de l'excédent des recettes de l'exercice budgétaire 1999.*

**M. le Président.**- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi vum Här Trésor- a Budgetsminister Luc Frieden. Dee Projet gëtt un déi zoustänneg Instanze weidergeleet.

Mir kommen dann elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4663. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt.

Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Klein a Mehlen, d'Mme Wagener, den Här Bisdorff an d'Mme Mutsch.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Paul-Henri Meyers.

## 10. Projet de loi 4663 portant modification

- **de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire**

- **de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat**

- **de la loi du 21 juin 1999 portant règlement de procédure devant les juridictions administratives**

- **de la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif**

*Rapport de la Commission juridique*

**M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Mme Err huet virdrun de Blaise Pascal zitëiert. Erlaabt mir, vläicht am Ufank vu mengem Rapport e bësse méi e liberale franséischen Auteur ze zitëieren, an zwar de Montesquieu, dee geschriwwen huet, a sengem "Esprit des lois": "Souvent l'injustice n'est pas dans le jugement. Elle est dans les délais".

Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt kaum eng Institutioun an eisem Stat, wou de Bierger mat méi Nodrock

verlaangt, dass gutt a séier geschafft gëtt, wéi dat bei de Gerichter de Fall ass.

E Bierger, dee mat enger Affär op d'Gericht geet, versteet dacks net, datt seng Affär méinten- a jorelaang verschleeft gëtt. Bei Affäre virum Strofgericht ass et och net sënnvoll, wann e Bierger eréischt jorelaang no der Strofdot condemnéiert gëtt.

Et ass awer och net gutt, wann d'Gerichter iwwerstierzt schaffe mussen an d'Affären net kënne seriö instruéieren. D'Gerichter mussen déi Affären, déi unhängeg sinn, an aller Sérénitéit instruéieren an an engem raisonnablen Délai hiirt Uerteel spriechen, sou wéi dat am Artikel 6 vun der Mënscherechtskonventioun virgesinn ass.

Fir datt d'Gerichter hir Aufgab kënne besser erfëllen, kann een op dräi Pläng Verbesserung maachen, esou wéi de Conseil d'Etat dat och proposéiert huet, an zwar d'Prozedure vereinfachen, d'Gerichter mat méi modernen an zousätzleche materielle Mëttelen ausstafféieren, zousätzlech Riichter an aner Beamten astellen.

De Projet, deen haut zur Diskussioun steet, geet an déi do Richtung a gesäit vir, dass zousätzlech Riichter an och aner Beamte kënnen agestellt ginn. Ech wëll net op déi méi kleng Ännerungen a Redressementer vun Texter agoen. Et sinn haaptsächlech fënnf Neierungen, déi hei virgesi sinn.

- Éischstens d'Astelle vu sechs neie Riichter beim Bezirksgericht Lëtzebuerg, dovun zwee Untersuchungsriichter, ee Juge-commissaire bei enger Chambre commerciale an dräi Riichter, déi eng nei Chamber solle composéieren.

- Zweetens déi definitiv Institutioun vun enger 11. Chamber beim Bezirksgericht an enger 9. Chamber bei der Cour d'Appel. Déi Chambrë waren iwwergens duerch Gesetz vum 11. August 1996 fir zwee Joer geschafe ginn. Si waren duerch d'Gesetz vum 3. August 1998 ëm dräi Joer verlängert ginn. Si ginn elo definitiv virgesinn duerch dat hei Gesetz.

- Drëttens: D'Zuel vun den Agents probatoires beim Service central d'Assistance sociale (SCAS) gëtt vu 25 op 35 Unitéiten eropgesat. D'Budgetgesetz vum 24. Dezember 1999 huet iwwergens d'ASTellung vun zousätzlech dräi vun deenen Agents de probation virgesinn. Déi aner siwen Agenten, déi nach virgesi sinn, kënnen an deenen nächste Joren, wann d'Noutwendegkeet sech géif erweisen, och agestellt ginn.

- Véiertens: Beim Tribunal administratif gi fënnf nei Poste vu Juges suppléants geschafen. Déi Moosnam soll dem Verwaltungsgericht erlaben, méi séier déi 700 Recours ze behandelen, déi gestallt si ginn am Beräich vun der Gesetzgebung iwwert d'Refugiéien.

- Fënneftens: D'Gesetz erlaabt den Détachement vun zwee Informatiker aus dem Centre informatique de l'Etat an d'Administration judiciaire.

All déi Moosname sollen eise Geriichter et erlaben, déi Retarden an déi méi grouss Zuel vun Affären, déi sech an deene leschte Joren ugesammelt hunn, méi séier a méi effikass kennen ze behandelen.

Dir Dammen an Dir Hären, dëst Gesetz ass den 3. Mee dëst Joer an der Chamber deponéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis de 16. Mee ginn. De 6. Juli huet d'Regierung en Amendement abruecht, deen de 7. Juli vum Conseil d'Etat aviséiert ginn ass. D'Commission juridique huet de 5. Juli hire Rapport ugeholl, an den 10. Juli e Rapport complémentaire.

De Statsrot ass mam Projet, esou wéi e vun der Regierung deponéiert ginn ass, an och mat den Amendementen d'accord, sauf zwee Punkten, an zwar am Artikel II proposéiert de Statsrot den Term "délégué" duerch "détaché" ze ersetzen. Den Ausdrock "détaché" correspondéiert och deem, wat hei wierklech gemengt ass. Déi zwee Leit, déi an d'Administration judiciaire kommen, ginn nëmmen détachéiert. Si bleiwen, wat hir Affektatioun ugeet, am Centre informatique de l'Etat.

Beim Amendement vum 6. Juli ass de Statsrot der Meenung, dass et net noutwendeg ass, den éischten Alinéa vum Artikel 70 vum Gesetz vum 7. März 1980 ze änneren, well esou eng Ännerung schonn duerch d'Gesetz vum 27. Juli 1997 virgeholl ginn ass. Deen Amendement ass also iwwerflësseg.

D'Commission juridique huet sech dem Avis vum Conseil d'Etat ugeschloss a proposéiert der Chamber, den Text an där Form, wéi mer en zréckbehalen hunn, ze stëmmen. De Projet huet eng gewëssen Urgenz, an do-duerch dass mer en haut kënne stëmmen, kann och am Ufank vun der nächster Année judiciaire, déi de 15. September ugeet, d'Gesetz a Kraaft sinn, an d'Geriichter kënne mat deenen neien Effektiver schaffen.

Merci.

**M. le Président.-** Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Den Här Klein huet d'Wuert.

#### *Discussion générale*

**M. Jean-Pierre Klein (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géing dem Rapporteur félicitéiere fir säin excellente schrëftlechen a mëndleche Rapport, an och fir déi Aarbecht, déi en an der Commission juridique op dësem Plang gemaach huet.

Mir hunn haut e weidere Projet de loi virleien, deen drop aus ass, fir eise Justizapparat méi effikass ze gestalten. An der rezenter Vergaangenheet hu mer dat scho méi oft gemaach, zum Beispill duerch d'Asetze vu méi Riichter op den Tribunal zu Lëtzebuerg, zu Dikrech an zu Esch um Friddensgeriicht, d'Institutioun vum Juge unique an de System vun der Mediation.

Mir gesinn awer haut, dass eis Justiz trotz deene Moosnamen nach ëmmer lues a schwéierfällg funktionnéiert.

D'Gesetz iwwert déi nei Cité judiciaire ass gestëmmt. Ech froe mech, wéi wäit mer mat dësem Projet sinn. De Grondsteen dozou ass nach net geluegt. Ech wëllt och un de Rapport vum Här Lucien Weiler erënneren, vun deem nach net vill ëmgesat ginn ass.

Et ass och dat, wat de Statsrot a sengem Avis zu dësem Projet de loi festgestallt huet. D'Affäre schleefe vill zevill laang. Et dauert zevill laang, bis de Justiciable eng Décisioun vum Gericht kritt. Et ass anormal, dass d'Affären op e Joer an nach méi fixéiert ginn. Eis Gerichtsinstanze si personalméisseg ënnerbesat, fir d'Dossieren a raisonnablen Délaien iwwert d'Bühn ze bréngen.

D'Equipement vum der Verwaltung sinn och net de moderne Gegebenheeten ugepasst. D'Informatiséierung léisst ze wënschen iwwreg, an dofir ass et elo gutt, dass zwee Spezialiste vum Centre informatique détachéiert ginn, fir um Plang vun der Informatik d'Gericht op en ugepasste Stand ze bréngen.

Och wa mer haut dëse Projet de loi gestëmmt hunn, wäerte mer der Evolutioun vun den Affären op eise Geriichter nach ëmmer hannendru lafen.

Et ass begrëssenswäert, dass sechs Riichter, dorënner zwee Untersuchungsriichter, bäikommen an d'Zuel vun den Agents de probation vum SCAS, dem Service central d'assistance sociale, massiv eropgesat gëtt, mä dat geet nach ëmmer net duer. Mir wëssen, duerch wat d'Zuel vun den Affären an de leschte Joren zougeholl huet. Mir kréien eng ëmmer méi vaste a komplex Gesetzgebung, wou a ganz ville Fäll Litigen tëschent Particulieren am Zivilberäich entstinn, déi vum Riichter musse geléist ginn.

Et gëtt ëmmer méi rar, dass d'Leit sech am Gudden eenegen. Et gëtt och ëmmer méi Gesetzer, déi Strofbestëmmungen enthalten. Ech huelen dee ganzen Ëmweltberäich, wou eng Panoplie vu Gesetzer mat Pénalitéiten entstane sinn: d'Naturschutzgesetz, de Waasserschutz, d'Pollutioun vun der Atmosphär, de Kaméidi, de Kommodo an esou weider.

D'Zuel vun de Commissions rogatoires internationales hëlt zou. Et dierf een den Zouwuess vun eiser Bevölkerung net vergiessen, deen och mat sech bruecht huet, dass d'Sträitfäll zougeholl hunn. D'Zuel vun de Scheedungen ass massiv an d'Luucht gaangen. D'Aarbechtsaccidenter, d'Verkéisersaccidenter an d'Verkéisersdelikter ginn ëmmer méi heefeg, duerch den Zouwuess vum Trafic. D'Zuel vun den Adoptiounen huet och zougeholl.

D'Organisatioun an d'Administratioun vun eise Gerichtswiesen huet mat där Entwécklung net Schrëtt gehalen; dofir schafft eis Magistratur ënner ganz schwie-rege Konditiounen. Et wär ubruecht, fir eng Kéier global iwwert déi Situatioun nozedenken, iwwert d'Prozeduren,

hir Vereinfachung, am Respekt selbstverständlich vum Droit de la défense, iwwert déi materiell Moyenen, déi de Gerichter missten zur Verfügung gestallt ginn, an dann ze kucken, wat vu Personal misst agesat ginn, fir der heiteger ongesonder Situatioun entgéintzewierken. Dat wier am ureegenen Interesse vun eisem drëtten Pouvoir a vun de Justiciablen.

D'Cité judiciaire misst onbedingt esou schnell wéi méiglech an Ugrëff geholl ginn, dat och am Interesse vun der Zentralisatioun vum Service public, dass d'Bierger net brauche vun engem Gebai an dat anert ze lafen, fir hir Affären ze erleedegen.

D'Gerichtsinstanzen an hir Verwaltung sinn op x Plazen hei an der Stad verdeelt an zerspléckt. An deem Zesammenhank wëll ech eng Iddi opwerfen, déi wuel keng nei ass - et ass keng nei Erfindung -; et ass eng Proposition de loi, déi schonn 1933 an der Chamber zur Sprooch war, nämlech d'Schafung vun engem drëtten Arrondissement judiciaire fir d'Kantonen Esch a Capellen, mat engem Tribunal d'arrondissement zu Esch. Et ass eng Proposition de loi, déi 1933 vum Deputéierte Clement, net dee vu Réimech, mä dee vun Esch, hannerluegt gi war.

D'Argumentatioun vun deemools ass haut nach ëmmer richtig. Derbäi kommen elo nach aner treffend Argumenter, déi herno sollte vu menger Kolleege, der Buergermeeschtesch vun Esch, virgedroe ginn. Si ass awer fort. Den Här Zanussi mécht dat an hirer Plaz.

Wann Dikrech, Här Weiler, mat Berechtigung en Tribunal huet, da muss datselwecht fir Esch Gültigkeit hunn.

Dëse Projet de loi ass eng Verbesserung, mä e geet net wäit genuch. Am Projet de loi ass d'Opstockung vum SCAS virgesinn, déi ënner anerem zur weiderer Resozialisierung vun den Détenue bäidroen soll.

D'Agents de probation sollen eng duerchgehend Betreuung vun den Détenue maachen, während dem Ofsëtze vun hirer Strof an och duerno, wa se eraus sinn. Si mussen op hiren Openthalt an der Gesellschaft virbereet ginn, am Sënn vun der Verhënnerung vun enger Récidive.

D'Agents de probation solle sech och ëm d'Affer vun engem kriminellen oder deliktuellen Akt an hirer Famill bekëmmern. Oft fillen déi sech verloooss, an et kënnt d'Meenung bei hinnen an an der Gesellschaft op, dass d'Täter besser begleet gi wéi déi Geschiedegt, besonnesch déi psychesch.

Fir seng Roll voll a ganz ze spillen, muss de SCAS genuch Personal hunn. Wat d'Extenssioun vum Tribunal administratif ubelaangt: Déi ass ganz sécher berechtigt duerch d'Uwuesse vun den Affären och an dësem Ordre judiciaire.

No de Bemierkungen, déi ech gemaach hunn, géing ech soen, dass dëse Projet de loi sécherlech eng Verbes-

serung ass par rapport zur jëtzege Situatioun, an ech géing dofir och den Accord vu menger Fraktioun ginn.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** Den Här Xavier Bettel huet d'Wuert.

**M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Rapporteur merci soe fir dee komplette Rapport, an och fir dee flotte mëndleche Rapport, dee mer elo hei haten.

Ech mengen, dëse Projet de loi war méi wéi nécessaire. Mat der Zuel vu sechs Magistraten um Tribunal vu Lëtzebuerg, dovun zwee Juges d'instruction, e Juge-commissaire an dräi Jugen, déi déi nei Chamber wäerte composéieren, geet et à long terme awer net duer.

Ech erlabe mer den Interview am "Jeudi" vum 30. Mäerz vun der Mme Welter, Présidente du Tribunal de Commerce de Luxembourg, ze zitieren. "Maryse Welter doit ainsi traiter dans les meilleurs délais quelque 2.000 dossiers. Les délais de prononcés des jugements s'allongent, constate le magistrat et nous manquons de temps pour conseiller les curateurs ou relancer ceux qui traînent."

D'Konklusioun war: "Si la section que préside Maryse Welter fait face à la surcharge de travail, elle ne manque pas pour autant de tirer la sonnette d'alarme."

Den Alarm ass elo eng Stuf méi déif. Dat elo ass en éischte Schrëtt, mä à long terme kann et net duergoen.

An der Juridiction administrative komme mer vu fënn op néng Juges suppléants. Wéi et och am Rapport steet, war elo e Problem mat den Dossiere vun de Réfugiéen. Ech mengen awer, dass déi Leit, déi an enger Situation incertaine sinn, no der Augmentatioun vum Personal um Tribunal administratif jiddefalls méi séier eng Äntwert kréien an net mussen an där ondelikater Situatioun bliwen.

Déi zwee Poste vun Informatiker an der Administratioun si selbstverständlich eng ganz gutt Saach. Dee Service muss méi informatiséiert ginn, wéi och nach aner Servicer. Ech hat och eng Käier eng Question parlementaire gestallt, ob et beim Tribunal de commerce net méiglech wär, fir verschidde Saachen iwwert den Internet ze kréien. Dat schéngt net méiglech ze sinn, mä jiddefalls musse mer eis bewosst sinn, dass hautdesdaags d'Informatik awer eng grouss Roll spillt. Selbstverständlich ass déi Décisioun positiv.

Beim SCAS geet een elo vu 25 op 35 Unitéiten, wéi den Här Rapporteur elo just gesot huet. Et ass eng ganz wichteg Roll, déi de SCAS spillt. Et ass de Service d'enquête sociale an d'Assistance à des personnes sous surveillance judiciaire. Et ass och d'Protection de la jeunesse, de Service de la défense sociale an de Service d'aide aux victimes. Do dierf een net spueren, wéi de Virriedner et och scho gesot huet.

Ech bréngen den Accord vun der Demokratescher Partei, well dee Projet de loi ass am Intérêt vum Land, ass am Intérêt vun der Justiz, vum Justizapparat a selbstverständlech vum Justiciable.

Merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Jacques-Yves Henckes.

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, jidderee weess, dass et vill Problemer an der Justiz zu Lëtzebuerg gëtt. Si dauert ze laang. Mir hu gesinn, dass verschidde Reformen, déi mer duerchgezunn hunn, wéi z.B. d'Mise en état, op verschiddene Plaze vläicht net richtig applizéiert oder verstane ginn, well et brauch een nuren eng Kéier moies fréi beim Appel vun den Affären ze sinn, fir ze mierken, dass bei verschiddene Gerichter d'Notioun oder de Sënn an den Zweck vun der Mise en état nach net richtig schéngt verstane ginn ze sinn, well et ees wéi ees esou laang dauert.

Ech wier frou, wann eise Justizminister periodesch, wann nei Gesetzer duerchgezu ginn, no engem oder zwee Joer e kleng Bilan zéien a kucke kéint, ob een net verschidde Praxisen kéint méi konform zum Sënn vum Gesetz maachen, wat no sech zéie géng, dass d'Affäre kéinte méi séier a méi zügig virgoen.

Nach brauche verschidde vun deene Gesetzgebungen, notament d'Mise en état, eng gewëssen Ulaßzäit, mä nach wie vor ass et awer och ganz kloer, dass un de Prozeduren nach verschidden Ännerungen musse gemaach ginn. Bien entendu feelt et och u Leit, an dofir si mer frou, dass d'Regierung där Demande, déi vun alle Säite komm ass, noginn huet, dass duerch dëst Gesetz zousätzlech Riichter, Greffieren a Leit beim SCAS engagéiert ginn, well et ass bluttnoutwendeg, wa mer wëllen eng gutt an eng e bësse méi effizient Justiz duerchzéien.

Ech géng awer nach drun erënneren, dass mir och Demandeur sinn, dass mer bei verschiddene Gesetzgebungen en anere Wee aschloen, notament bei de Failliten, wou mer mengen, dass mer missten op de Wee goe vu professionnelle Curateuren, Affekoten, déi sech do spezialiséieren; och bei verschiddenen anere Reformen, déi mer hei schonn des öfteren diskutéiert hunn, déi pendant sinn, wéi z.B. déi Reform vum Registre du commerce, déi bluttnoutwendeg sinn, fir eis Justiz méi effikass ze gestalten.

Dat gesot, wëll ech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet bréngen.

**M. le Président.-** D'Wuert huet d'Mme Renée Wagener.

**Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).**- Här President, ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

**M. le Président.-** Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

**M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Verstärkung vun eiser Gerichtsbarkeit ass eng absolut Noutwendegkeet. Den Zougank zur Justiz gehéiert zu de Mënscherechter. Et ass souguer den Artikel 6 vun der Mënscherechtskonvention, an net nëmmen den Zougank derzou, mä och dass d'Affären an enger vernünfteger Zäit ofgehandelt ginn.

Dofir ass et richtig, mat dësem Gesetzesprojet eng Verstärkung vun eisem Justizapparat ertirzeruffen, grad esou wéi et noutwendeg gëtt, och an Zukunft eng ganz Rei vun aneren Apparater ze verstärken, aus deem ganz einfache Grond, well eis Bevëlkerung zohëlt.

An dësem Zesammenhank hätt ech eng Fro un de Justizminister betreffend déi eventuell Diskussioun iwwert d'Ariichtung vun engem Bezierrsgeriicht zu Esch, wat schonn hei ugeklongen ass.

Et schéngt souguer, wéi wa virum Krich esou ee Projet scho bestanen hätt, deen awer herno a Vergiessenheet geroden ass. Elo soll awer en neit Friddensgeriicht gebaut ginn, en neit Gebai entstoen, wou ee kënnt e Bezierrsgeriicht mat ariichten, an dat géng ouni Zweifel hëllefen, eng ganz Rei vun Affären, déi hei an der Stad unhängeg sinn, ze entlaaschten. Ech géng dofir an dës Richtung plädéieren an den Här Minister froen, ob hie sech schonn doriwwer Virstellung gemaach huet.

Dat gesot, fir emol eng Kéier eng Ausnam ze maachen, stëmmen ech och dëse Projet.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Zanussi.

**M. Marc Zanussi (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif am Numm vun der Mme Mutsch dës kuerz Interventioun virdoen, well si op eng dréngend Sëtzung op Esch huet misse goen. D'Interventioun geet, wéi net anescht ze erwaarden, an d'Richtung vun deem, wat virdrun den Här Bisdorff hei op der Tribün gesot huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn am Moment hei am Land op zwou Plazen en Tribunal d'arrondissement, an zwar zu Lëtzebuerg an zu Dikrech. Si ëmfaasse jeweils en zivilt, e kommerziellt an e penaal Geriicht. Zu Esch gëtt et elo just e Friddensgeriicht, dat am Joer 2001 op engem neie Site vergréissert gëtt an domat den Uspréch vun engem moderne Friddensgeriicht ugepasst soll ginn.

Mir sinn der Meenung, datt et zu dësem Zäitpunkt dee richtige Moment ass, fir iwwert eng drëtt Circonscription judiciaire ze befannen. Et gëtt eng ganz Rei vun Argumenter, déi fir e Bezierrsgeriicht zu Esch schwätzen: éischtens d'Dezentraliséierung, zweetens d'Entgéintkomme vis-à-vis vun der Populatioun aus dem Süden, där Regioun, wou schliisslech déi meeschte Leit wunnen, an drëttens eng Entlaaschtung vun deene bestehende Bezierrsgerichter Dikrech a Lëtzebuerg. Am Moment verginn an der Stad zwee bis dräi Joer, ier eng Affär plädéiert gëtt!

Véiertens bedeit dat eng Verbesserung vun der Aarbechtsmaatsituatioun an e Bäitrag zum wirtschaftlechen Opschwong vun eiser Regioun, vun der Verkéierssituatioun a vum Avantage fir de Commerce vun der Regioun guer net ze schwätzen. D'Hauptstad vum Minett ass genee déi richteg Plaz fir e Beziërksgeriicht. Ganz dovun ofgesinn, dass dës Virschlag scho virun enger Zäit um Ordre du jour vun der Chamber stoung, an zwar am Mee 1940, den Dag vun der däitscher Invasioun an eisem Land.

Ech wëlt Iech als lescht Informatioun mat op de Wee ginn, dass d'Iddi schonn an der Magistrature zirkuléiert a bestëmmt favorabel aviséiert géing ginn.

Dës an déi viregt Iwwerleeungen hunn dozou gefouert, dass schonn eng Entrevue tëschent dem Escher Schäfferot an dem Ministère fixéiert ass, wou iwwert dee fir eis wichteg Projet iwwer en drëtten Tribunal d'arrondissement geschwat soll ginn.

Dobäi soll ee bemierken, dass offensichtlech driwwer spekuléiert gëtt, dass déi nei Cité judiciaire, déi geplangt ass, anscheinend schonn de gestalltenen Uspréich net méi gerecht gëtt an ze kleng ass. Dat wär jo och en zousätzlech Argument fir dat hei Tribunal.

Meng Fraktioun wär frou, wann d'Chamber dës Proposition bei hiren zukünftigen Iwwerleeungen iwwert d'Juridictionen an hir Bedeitung fir d'Populatioun géif mat berücksichtegen.

D'Mme Mutsch seet Iech merci fir Är geschätzten Opmierksamkeet.

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

**M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat hei ass e Projet de loi, op deem d'Regierung eng grouss Wichtigkeet leet. Mir sinn der Meenung, esou wéi déi meescht heibannen, dass d'Zuel vun de Riichter der uuessender Zuel vun Affären net ëmmer nokomm ass. Dobäi wëll ech awer virdru warnen, dass all Léisung ëmmer nëmmen dora gesicht gëtt, dass een d'Zuel vun de Leit erhéicht.

Ech hu gesot - an ech wäert et och ëmmer soen -, dass ech vun all deene verlaangen, déi soen, et misst ee méi Leit hunn, dass si och Prozedurännerungsvirschléi solle maachen, well soss komme mir zu engem Waasserkapp. Dat gëllt fir dës Institutioun, d'Justiz, wéi och fir aner Verwaltungen. Dofir muss een do op méi kreativ Weeër goen. Dofir hu mir Gesetzer gemaach wéi d'Mise en état an d'Mediatioun. Alles dat évitéiert, dass mir permanent nei Riichter musse kréien.

Déi zweet Remarque, déi mir an dësem Kontext wichtig schénkt, ass déi, fir ze soen, dass mir hei e kloere Choix gemaach hunn, wéi mir déi sechs Riichter hu misse verdeelen. Jiddereen hätt déi gär gehat, an all Sektoren ass bei mech komm, fir ze soen, dass si och nach e puer Leit bräicht. D'Regierung huet do de Choix

gemaach, an ech stelle fest, dass et haut de Mëtteg net contestéiert ginn ass, fir déi Riichter prioritaire an d'Strofgerichtsbarkeeten ze setzen.

Et sinn zwee Untersuchungsrichter an dräi Riichter, déi op enger Chambre correctionnelle setzen, well fir der Regierung hire Kampf géint d'Kriminalitéit ass och dës Volet wichtig. Do wou déi Affäre virun d'Gerichter kommen, mussen si och traitéiert ginn. Do muss also d'Instruktioun duerch den Untersuchungsrichter gemaach ginn, a si mussen virum Gericht vun der Strofgerichtsbarkeit traitéiert ginn.

Ee Juge hu mir als Juge-commissaire bäigesat, well d'Zuel vun de Failliten ëmmer méi zouhëlt. Déi mussen och uerdentlech vu gerichtlecher Sait aus traitéiert ginn. Mir hunn also hei e Choix gemaach. Mir mussen kucken, dass bei zukünftigen Erweiterungen opgepasst gëtt, wat déi aner Sektionen u Besoinen hunn.

An deem Kontext wollt ech drëtzens soen, dass ech amgaange sinn, e pluriannuelle Plang auszuschaffen, well ech feststellen, dass an deene leschten zéng Joer, souwuel ënnert mengem Virgänger, dem Här Fischbach, wéi och ënner mir ëmmer erëm nei Riichter agestallt gi sinn, an esou bal een nei Riichter agestallt huet, komme schonn erëm Avie vun de Juridictionen, déi soen, dass si net genuch Leit hunn.

An deene leschten zéng Joer ass d'Zuel vun de Riichter ëm 38% geklommen. D'Zuel vun den Affären hëlt och permanent zou, an ech hu schonn oft heibanne gesot, dass d'Leit sech mol solle froen, ob et bei all Affär utile ass, fir direkt e Prozess ze maachen an och nach an Appel ze goen. Et ass e Recht. Sot mir elo net, ech wëlt de Leit d'Recht ewech huelen, fir Prozesser ze maachen. Well ech dat weess, muss ech dat direkt dobäi soen. Ech mengen awer, dass ee sech déi Fro als Citoyen responsable ëmmer stelle muss.

Déi nächst Remarque betrëfft d'Lokalisatioun vun de Beziërksgerichter. Dat ass fir mech keng nei Iddi, déi de Mëtteg hei komm ass. Déi därf een awer net reng aus der Perspektiv vu senger Heemechtsgemeng kucken.

Ech hu scho virun e puer Méint ugefaangen, Iwwerleeungen mat deenen zoustännege Leit ze maachen, fir ze kucken, ob ee mat alle Resistenzen, déi dat ëmmer mat sech bréngt, eng nei Opdeelung vun den Arrondissements judiciaires soll maachen. Et stellt ee fest, dass effektiv um Beziërksgericht Lëtzebuerg déi meescht Affäre sinn. Esou kann ee sech froen, ob déi Trennungslinn tëschent dem Arrondissement judiciaire vu Lëtzebuerg an deem vun Dikrech op där richteger Plaz ass, ob een do net kann eng Ännerung maachen, fir méi Affären an den Norden ze setzen.

Et kann ee sech och selbstverständlech d'Fro stellen, ob een an enger Südgemeng och nach soll e Beziërksgericht maachen, woubäi ech awer direkt dobäi soen, dass dat net zum Nulltarif ass, well dat heescht jo dann, dass een do muss eng ganz Juridiction mat all deene Riichter a mat all deem Personnel administratif schafen. Et ass also méi wéi eng einfach Décisioun.

Et kann een déi Riichter an der Stad net einfach ofzéien, well déi jo do vill Aarbecht hunn. Et ass jo gesot ginn, et wär, fir déi ze déchargéieren. Et misst een also eng ganz Juridiction mat allem Personal opbauen. Ech sinn op fir déi Iddi. Mir sinn amgaangen, se ze studéieren, mä si ass net liicht ze huelen, woubäi dat och aner Komplikatiounen fir déi Leit, déi ronderëm d'Justiz schaffen - ech denken do un d'Affekoten -, mat sech brénge, wou een dann och misst e Barreau zu Esch maachen.

Dat si keng unüberwindbar Hürden, mä et ass e bësse méi komplizéiert, wéi just nëmmen ze soen, datt elo e Geriicht zu Esch gebaut gëtt. Ech wëll an deenen nächste Méint déi Diskussiounen do weiderféieren, an ech sinn d'accord mat deem, wat hei gesot ginn ass, grad an deem Moment, wou mir jo beim Opbau vun engem neie Gebai zu Esch sinn. Dat steet iwwregens scho säit enger Zäiten am Budgetgesetz dran. D'Sue si scho vun der Regierung am Budget virgesi ginn. Et ass also dee richtige Moment, fir sech déi Fro ze stellen.

Eng lescht Remarque wëllt ech gär betreffend d'Informatisation vun de Gerichter maachen. Et ass hei gesot a begrësst ginn, datt zwee Informatiker vum CIE, dem Centre informatique de l'Etat, géifen un d'Juridictionen détachéiert ginn, well d'Informatisation héich noutwendeg wär. Ech wëll Iech soen, datt d'Informatisation vun de Gerichter längst gemaach ass, an déi muss ee permanent adaptéieren.

Hei geet et just drëm, datt mir gemierkt hunn, datt mir bei deene ville Computeren, déi mir do stoen hunn, och ee brauchen, deen aspréngt, wann de Computer net geet. Déi Leit, déi hei gebraucht ginn, mussen sur place sinn a sech permanent ëm d'Informatik vun de Gerichter këmmen.

Ceci dit - dat huet zwar elo näischt mat dësem Projet de loi ze dinn - ass eent vu mengen Ziler dat, datt eis Gerichter weider informatiséiert ginn. Op deene Plazen, wou dat nach net besteet, mussen si méi schnell informatiséiert ginn.

Dofir sinn ech zouversichtlech, datt an deem Délai bis 2003, wou Lëtzebuerg, wéi och déi aner EU-Memberstaaten, sech zu Lissabon engagéiert huet, en "E-government" ze sinn, wou alles elektroniséiert ass, och déi Servicer vun de Gerichter, déi haut nach net um Internet oder un aneren elektronesch Kommunikatiounsmëttelen sinn - dat ass zum Beispill beim Registre de commerce de Fall -, dat bewerkstelt hunn.

Doru schaffe mir all Dag mat vill Engagement. Ech hoffen, datt mir dat an deem kuerzen Délai hikeréien.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** D'Diskussion ass elo ofgeschloss. Mir kommen zu der Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4663 a stëmmen doriwwer of.

*Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)*

D'Artikelen 1 bis 6 si gelies an ugeholl.

Mir kommen dann elo zum Vote iwwert de Projet de loi 4663.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 4663 ass eestëmme mat 57 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Willy Bourg), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Norbert Hauptert), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Maggy Nagel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Marc Zanussi), Alex Bodry (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Mady Delvaux-Stehres (par Mme Lydie Err), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Jeannot Krecké), Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Aloyse Bisdorff.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou decidéiert.

Domat wäert mir um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëttag um halwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

*(Fin de la séance publique à 18.38 heures)*